

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2023

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bidden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„D'Awunner vu Bierden an Ëmgéigend hunn zënter Méint Problemer mat de Verbindunge Bus-Zuch-Bus fir an d'Stad. Et gouf den Awunner aus der Regioun Eschduerf-Heischent-Buerschent-Bierden an Aussücht gestallt, datt sech bei de Changementer am Bus- an Zuchplang vun Dezember eppes géif änneren.*

*All Dag fiert de Bus vun der Linn 134 Richtung Eschduerf de betraffene Leit, besonnesch de Schülerinnen a Schüler, déi aus der Stad kommen, zu Ettelbréck op der Gare virun der Nues ewech, well d'Zäit fir vum Zuch op de Bus ëmzeklappen einfach ze kuerz ass. Dat selwecht géllt och ëmderéit - de Problem besteet natierlech zu all Stonn.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- Firwat ass et am Dezember net zu deenen Upassungen am Zäitplang komm, déi vu ville Säite gefrot a matgedeelt goufen an zu enger spierbarer Verbesserung fir déi betraffene Leit gefouert hätten?*
- Ass den Här Minister bereet fir sou séier wéi méiglech op den zoustännegen Plazen z'intervenéiere fir deen dote Mëssel, deen zu vill Onmutt féiert, aus der Welt ze schafen?“*

Mat déiwem Respekt,




DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu



André BAULER  
Deputéierten